

Sich für sich selbst vierteilen

THEATER „Poupette“ von und mit Marie Jung im TNL

Jeff Schinker

Ihren ersten Bühnentext spielt Marie Jung gleich selbst – und liefert damit das berührende Porträt einer Schriftstellerin, Widerstandskämpferin und Unterhalterin, in dem Selbstbestimmung als ewiger Kampf mit sich selbst, seinen Erinnerungen und der (chauvinistischen) Außenwelt dargestellt wird.

In der linken Ecke der Bühne stehen in Plastik gehüllte Möbel einer Wohnung – ganz so, als würde man das Mobiliar einer verstorbenen Person in einem Hangar lagern. Neonröhren prangen über der Bühne – erst leuchten alle Buchstaben so, dass man „I am broken“ lesen kann, später steht dann nur noch, weil nun das B, das R, das E und das N „broken“ sind, „I am OK“. Von kaputt zu okay – dies ist eine der möglichen Lesarten der Lebensgeschichte der „gefährlichen, unberechenbaren, provokanten“ Anna Denise Schmit, genannt „Poupette“. Poupette ist 96 und hat ein subversives, aufmüpfiges Leben hinter sich – und trägt ihren Spitznamen folglich mit reichlich Ironie.

Während ihres Monologs, der von der Form her auf die modernistische Technik des Stream of consciousness verweist, erinnert sich Poupette an ihre Kindheit, ihre Liebhaber, ihre Karriere – und ihren Mops Ricky, dank dem ihr „die Straße zu der Brücke, von



Foto: Bohumil Kostohryz

I am (br)OK(en): Marie Jung überzeugt als 96-jährige Poupette im gleichnamigen Stück

der ich springen wollte, versperre“ ist und dem gegen Ende des Stückes auch szenografisch gehuldet wird.

Wesentlich ist dabei die Frage, was am Ende unseres Lebens von uns bleibt. Denn hier spricht eine Frau, die mehr sein möchte als das textliche Äquivalent des Möbelhaufens hinter ihr – und die auf erfrischend unpathetische Weise „Abschied nehmen will“. Marie Jungs Text bleibt dabei stets so elliptisch, dass der femi-

nistische Einschlag des Textes nie plakativ wirkt, ist aber in seinen Erinnerungsfragmenten und Lebensskizzen gleichzeitig konkret genug, um der Figur der Poupette ausreichend Tiefe zu geben.

Denn diese Lebensgeschichte will kein ausführliches Porträt, kein teleologisches Selbstnarrativ sein – vielmehr werden hier Erinnerungen skizziert, die eben kein einheitliches Gesamtbild ergeben, sondern eine Frauenfigur in ihrer Vielfalt, ihren Widers-

prüchen erzählen. Die einzelnen Fragmente wirken dabei, als würde man die einzelnen Stücke vieler verschiedener Puzzles zu einem Gesamtbild zusammenfügen wollen – die Summe der einzelnen Biographeme ergeben ein verzerrtes Selbstbild, weswegen Marie Jungs Poupette wohl auch irgendwann den kurz davor aufgetragenen Lippenstift im Gesicht verschmiert.

In einer präzisen und poetischen Sprache erzählt Poupette von den „wässrigen, versoffenen“ Augen ihres Robert, vom frühen Tod Josephs, der „bis zum Ende nicht wusste, dass [sie sich in ihn verbissen hatte“, vom „Neuen“, den Robert den „Milkshake“ nannte, von den Hierarchen, die ihr vorwerfen, zu laut zu sein (denn in deren Weltbild dürfen dies nur Männer mit fettem Range Rover sein), Hierarchen, die jede Passage der Klassiker auswendig kennen – und trotzdem davon überzeugt sind, dass der wichtigste Tag in der Geschichte ihr Geburtstag ist: Hier prallt männliche Wichtigkeit immer wieder gegen feministische Ironie.

Everybody loves a clown

Dabei tanzt und steppt die 96-jährige Poupette wie ein Derwisch über die Bühne, schlüpft in verschiedene Rollen, wechselt Tonlage und Vokabular: Die Schriftstellerin Marie Jung erlaubt es so der Schauspielerin

Marie Jung, die verschiedensten Facetten ihres Talentes während einer intensiven Stunde auf der Bühne auszuleben.

Am schönsten wird „Poupette“ aber immer dann, wenn die Unterhalterin aufhört, zu unterhalten, wenn die schrecklichen oder schrecklich lustigen Anekdoten über mit Freundinnen geteilte Liebhaber, Ratten, die im Kinderspielzeug leben, oder ein aus Versehen getötetes Nilpferd Momenten der echten Introspektion, der Melancholie und der Selbstkritik weichen: „Dinge wollen und sie nicht sagen. Aber sich festkrallen daran. Das kann ich gut.“ Oder auch: „Ich müsste mehr sagen, dann würden meine Dummheiten weniger ins Gewicht fallen.“ Und immer wieder erwähnt sie, wie sie mit 24 Jahren zur Witwe wurde – aber ohne dabei in die Klischees oder ins Pathos der Trauma-Erzählung zu fallen.

Auch wenn das Stück stellenweise etwas zusammenhanglos wirkt und der oder die Zuschauer*in manchmal etwas im Dunkeln tappt: Mit „Poupette“ ist Marie Jung ein vielversprechendes erstes Theaterstück gelungen, dem sie, dank der präzisen, gleichzeitig überdrehten und behutsamen Regie von Franziska Autzen, auch auf der Bühne eindrucksvoll Leben einhaucht.

(Weitere Vorstellungen am 17., 18., 24. und 25. Mai um 20.00 Uhr im TNL)

„Ech zielen iech mäi Liewen an dir nennt dat eng Fouer“

THEATER „Et geet em eng gëlle Kou“ am Kaleidoskop-Theater

Jeff Schinker

Am Kulturjoer sinn et 65 Joer hier, dass zu Roum de Grondstee fir d'EU geluecht gouf – Grond genuch, eng Zort Bilan ze zéien: Wat huet d'Uniooun erreicht? Wien huet dovou profitiert? Wien huet se geschuet? Wéi ee Stellwäert huet si haut, wou Europa nees an engem Krich implizéiert ass? An der „Gëlle Kou“ gëtt et keng Äntwerten, mä véier Visiounen, Bilanen an Analysen, déi an der Fiktiooun vu véier Auteur*innen erfuerscht ginn – mat méi oder wéineger Succès.

Während deem éischten Text, dem Ian De Toffoli senger „One Man Show“, erzielt ee Mann vu senger polygamer, oppener Bezéiung, déi e mat senger Fra hat, éiert se sech fir ee méi klassische Modell entscheet hunn: Um Ufank gouf et „just“ sechs Amanten, spéider waren et der 22, esou dass hien deelweis dobaussen huet misse waarden, während seng Partnerin sech bannen mat aneren ameséiert huet – gestéiert hätt hien dat net. Wat sech um Ufank wéi eng fiicht Männerphantasie unhéiert,



Foto: Kaleidoskop-Theater

D'Esther Conter an de Claude Faber spillen déi verschidde Figuren aus de véier Eenaktere vun der „gëllener Kou“

ass näischt anescht wéi eng Allegorie op d'Europäesch Uniooun: E bësse wéi beim Guy Helming sengerem Europa-Stéck „Guten Morgen Ihr Völker“ gëtt den Déclin vun der EU mathëllef vun enger Bezéiungsanalogie duergestallt – a gläichzäiteg mat verschiddene Relatiounsmodeller ofgerechent. Dat ass net ëmmer subtil, dofir awer intelligent geschriwwen – a stellt déi richteg Froen iwwert d'Zukunft vun der EU.

Beim Jean-Paul Maes sengerem Eenakter ennerhält sech ee mo-

ckelegen Typ mat senger gëllener Kou, vun där hien esou gemäschet gouf, dass e paralyséiert um Dësch setzt. Dës Revanche vun der gëllener Kou, där de Mann jorelaang blann vertraut huet an dank där en op d'Käschte vun anere konnt een opulent Liewe féieren, gëtt op engem klamaukeschen Toun inzenéiert. Hei ass d'Allegorie méi elliptesch, wat dozou féiert, dass den Text zimmlech abstrakt an e bëssen diffus wierkt – déi sëlliche Klischeeën an de Ping-Pong-Dialogen an d'Iwwerlängt vum Stéck droen net wierklech dozou bäi, dësen „Dialog mat der gëllener Kou“ opzewäerten, den e bësse wierkt wéi ee Cabaretstext ouni Pointe.

Während engem Interlude huet een Zäit, den neie Sall z'evaluieren – et ass dëst nämlech déi éischt Produktiooun vum Kaleidoskop-Theater, déi net méi am Beeteburger Schloss, mä am neie KulTourhaus am benoperten

Hunchereng opgefouert gëtt. De Sall ass definitiv méi modern wéi dat alt Schloss an huet och eng besser Akustik, nawell wierkt en e bësse steril.

No der Paus geet et weider mat engem TED Talk, während deem eng Entrepreneurse, déi an der Déierefudderindustrie schafft, sech Gedanke mécht iwwert Wirtschafft, de Kommunismus, Ëmwelt an Déieren-Exploitation. Si zielt, wéi si sech aus engem schwierige Milieu héich geschafft huet a wéi si vum Affer zum Täter gouf: Der Claudia Lucas Chéu hire „Groussen Empfang“ ass eng kuerz Geschicht vum Kapitalismus a senger ruppegem Träpen an Hierarchien, um Enn vun deene bëllege mënschlech Ressourcen an aarme Béischer stinn. Tëschent hirem Talk drénkt d'Figur mat Gloscht aus engem Glas Mëllech – obschonn se Laktose-intolerant ass. Och hei rächt sech d'gëlle Kou, vläicht esouguer posthum, andeem se Mokrämp an Iwwelzegkeet verursaacht.

Heiansdo ass manner einfach manner

Dem Joao Santo Lopes säi „Jalous“ spillt op engem Schantjen: Eng jonk Aarbechterin treëft bei hirem éischte Schaffdag zu Berlin op een um Ufank ongemittliche Viraarbechter. D'Stéck huet spannend Idden, den Auteur peekt awer e bëssen ze vill a säi kuerzen Text – et geet em fréier Anarchisten, déi elo ee biergerlecht Liewe féieren, em sexuell Iwwer-

grëff, em Immigratioun, em Klassen an Ausbeutung, em Konscht an d'Pandemie – soudass oft just un der Iwwerfläch gekraazt gëtt.

Di véier Texter si vun ënnerschiddlecher Längt a Qualitéit, woubäi ee muss umierken, dass d'Stécker vun den zwee jonken Auteure méi séier op de Punkt kommen, well se sech net an Digressiounen oder an der Abstraktion verléieren an dowéinst méi präzise, méi effikass sinn.

Leider feelt et der Regie oft un Afäll – alles verleeft relativ glatt, an déi verschidde Bréch sinn ze evident, huet een schonn ze dacks gesinn. Do hëlleft de Minimalismus vum Bühngebild och net vill – heiansdo ass manner méi, heiansdo ass manner awer och just manner. Deenen zwee Schauspieler – dem Esther Conter an dem Claude Faber – geléngt et nawell, trotz der Regie- an den Text-Schwächen, eng iwwerzeugend Performance op der Bühn ofzeginn, och wann deen een oder deen anere Passage licht iwwerspilt ass.

Et freet ee sech schlussendlech, wéi sou een déi lëtzebuergesch an déi portugisesch Texter getrennt huet – eng Trennung, déi duerch d'Paus nach méi staark wierkt. Aus Grënn vun der Symmetrie an dem Opbau mécht dat duerch Sënn, nawell wierkt et esou, wéi wann een déi zwou Sproochen a Kulturen hätt wéilten an hire jee-weilegen Ecker loossen, amplaz eng Kontaminatioun, een Zesummensinn ze woen.

(Weider Vorstellungen den 1., 2., 3., 10. an 11. Juni zu Hunchereng um 20.00 Auer)

ARA
Dënschdeg,
17.05.2022
20h00 - 22h00
Head in the Clouds
A monthly show focused on new, rare, and rediscovered underground music, 100% on vinyl records from our own collections. With Michael and Giuseppe